



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 23/10/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.

Dëse Mount huet zu Schëffleng een neit Déierenasyl seng Dieren opgemaach, wou bis zu 40 Kazen an 10 Hénn kënnen opgeholl ginn. Et ginn e puer där Déierenasyler ronderëm d'Land, déi nëmmen duerch déi wäertvoll Aarbecht vu fräiwëllegen Déiereschützer oder staatleche Bähëllef funktionéieren. Dës Déierenasyler hunn eng wichteg Funktioun, well vill Déieren zu Lëtzebuerg aus verschiddenste Grënn hiert Doheem bei engem Besëtzer verléiere kënnen. Trotz der Chippflicht ginn et nämlech eng Rëtsch Proprietären, déi hier Responsabilitéit vis-à-vis vun engem Déier net wouerhuelen an Déieren, zum Beispill, net chippe loossen an se dann an der Natur oder op oppener Strooss aussetzen. D'Déierenasyler bidden deenen Déieren eng Méiglechkeet op eng Grondversuergung an eng Chance op een Neufank bei engem neie Besëtzer.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Déierenasyler existéieren aktuell zu Lëtzebuerg a wéi vill Platze fir wéi eng Déiere ginn et, opgelëscht no Déierenasyl?
2. Wéi vill Déierenasyler wäerten an den nächste Joren nach opgemaach ginn a fir wéi eng Déieren?
3. D'Déiereschutzgesetz leet an den Artikelen 12 Punkt 3 a 17§2 Punkt 8 d'Aussetze vun Déieren als Strofdot fest, déi tëschent 251€ an 200.000€ kann kaschte.
 - Wéi vill Déiere ginn all Joer zu Lëtzebuerg vun hire Proprietären ausgesat, ouni, datt de Proprietär ausfënneg gemaach konnt ginn?
 - Wéi oft gouf dës Infraktioun bis elo zu Lëtzebuerg konstatéiert a wéi vill Mol gouf d'Strof am Artikel 17§2 an dësem Kontext applizéiert?
4. Mam Bezuch op déi viereg Fro, korreléiert Unzuel vun den ausgesatene Déiere mat der Zuel un ausgeschwatene Strofen? Falls nee, wéi eng Pisten envisagéiert de Minister, fir d'wéllt Aussetze vun Déiere besser ze vermeiden?



Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized, somewhat abstract shape.

GOERGEN Marc
Député

